N°1571
Entrée le 22.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.11.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Wien éischt Hëllef leeschte kann, dee ka Liewe retten. Leit, déi een Éischt-Hëllef-Cours gemaach hunn, léieren déi richteg Reflexer an Handlungen an Noutsituatiounen. Et wier dofir sënnvoll, dass jiddereen an eiser Gesellschaft op mannst eng Kéier am Liewen esou een Éischt-Hëllef-Cours gemaach hätt.

An der Äntwert op d'Fro n°929 hat d'Regierung geäntwert, dass si u Moossnamen schaffen, fir dass méi Leit sollen Éischt Hëllef léieren, zum Beispill am Sport oder an der Schoul. Aktuell ass et esou, dass an der Schoul, mee och a Betreiungsstrukturen, den Éischt-Hëllef-Cours fir d'Léierpersonal oder Educateuren net obligatoresch ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wäert d'Regierung sech dofir asetzen, fir d'Éischt-Hëllef-Coursen am Bildungsberäich souwéi an de Kannerbetreiungsstrukturen obligatoresch ze maachen?
    - Falls jo, kréien d'Employéeën d'Méiglechkeet fir Formatioune wärend hirer Aarbechtszäit ze maachen?
    - Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, Martine Deprez, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1571 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

*Enseignement fondamental*

Déi gesetzlech Bestëmmungen, déi am Artikel 6 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental* festgehale sinn, präziséieren, datt ee Kandidat, fir als Fonctionnaire-Stagiaire zougelooss ze ginn, ënnert anerem eng *„attestation de formation de base en matière de secourisme"* muss virleeën.

An der *Circulaire ministérielle aux administrations communales concernant l'organisation de l'enseignement fondamental pour la rentrée* gëtt all Joer widderholl, datt d'Personal am Enseignement fondamental seng Kenntnisser am Beräich vun der Éischt Hëllef aktuell hale soll.

Entspriechend Formatioune ginn iwwer den Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) organiséiert. Dës Formatioune ginn den Absolventen am Kader vun der obligatorescher Weiderbildung ugerechent.

*Enseignement secondaire*

Am Enseignement secondaire gëtt éischter op d'Fräiwëllegkeet gesat: Éischt-Hëllef-Coursë ginn hei am Kader vun der Formation continue ugebueden a kënnen an d'Urechnung vun de Stonnen afléissen, déi laut Gesetz musse geleescht ginn.

De Prinzip vun der Fräiwëllegkeet gëllt och fir d'Schüler: De Regierungsprogramm gesäit vir, datt d'Offer vun de Coursë soll staark erweidert ginn: *„L'offre des cours de premiers secours sera élargie sur l'ensemble du territoire, afin de garantir à chaque élève la possibilité d'y participer dans le cadre de cours à option."*

*Kannerbetreiungsstrukturen*

An de Betreiungs- a Bildungsservicer, souwuel vun de jonke Kanner wéi och vun de Schoulkanner, muss zu all Moment vun den Ëffnungszäite mindestens eng Persoun präsent sinn, déi een Éischt-Hëllef-Cours ofgeschloss huet. Dëst entsprécht den Ufuerderunge vun der ITM (*Prescriptions de sécurité et de santé types ITM-SST 1514.3 an ITM-SST 1524.2*, Artikel 14.1.5).

Den Éischt-Hëllef-Cours kann am Kader vun den obligatoresche Weiderbildungen unerkannt ginn. An deem Fall kann d'Formatioun wärend den Aarbechtszäite vum Encadrementspersonal absolvéiert ginn.

Laut Artikel 3(3)7 vum Gesetz iwwer d'Aarbecht vun den Dageselteren (*Loi du 21 juillet 2023 portant modification de la loi du 15 décembre 2017 portant réglementation de l'activité d'assistance parentale*) ass en Éischt-Hëllef-Cours eng vun de Konditiounen, fir en Agrement ausgestallt ze kréien.

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH